



Direktiv dann och an eise Gesetzestext ze iwwerhuelen, wou probéiert gëtt - do ass och natierlech ëmmer nach eng Marge d'appréciation derbäi -, fir déi Notioun vun der Disproportionalitéit am Dédommagement u gewëssen Appréciationskriterien ze bannen. Hei gëtt also eent zu eent den Direktiventext iwwerholl, an do ass och en eestëmmege Virschlag do vun der zoustänneger Wirtschaftskommissioun, fir dat esou ze maachen an deem heiten Text also och, wéi proposéiert, ze stëmmen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Alex Bodry, deem esou genau an detailléiert war, datt soss keen anere Riedner sech huet missen aschreiwen. Ech mengen och net, datt de Minister nach onbedéngt drop hält. Oder wëllt de Minister nach eppes soen?

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Neen, ganz kuerz: Ech soen och hei Merci, dass Der gewëllt sidd, ze derogéieren, e bëssen an enger Praxis, déi mer awer normalerweis net hunn, nämlech eppes erauszerrappen aus engem Text. Mä et ass net ze vergiessen, dass dee Code de la consommation och scho länger Zäit ausgearbecht ginn ass, an an der Zwëschenzäit sinn Texter, déi op d'Direktiv sech beruffen, op eemol fälleg ginn. Dat heescht, mir wollte se beim Code de la consommation zesummen ëmsetzen. A wann et dann net duergëet, da muss een esou Operatiounen wéi déi hei maachen.

Ech soe Merci duerfir fir d'Verständnis. A mir hunn nach zwee anerer, déi och am Code sinn, déi mer hoffentlech net iwwert dee Wee brauchen ze maachen, mä dat setzt viraus, dass mer dann Enn dës Joers de Code de la consommation unhuelen.

► **M. le Président.**- Merci och dem Minister. Domadder si mer um Enn vun der Diskussioun a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5881C ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Félix Eischen), Nancy Arendt (par M. Mill Majerus), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Jean-Louis Schiltz), Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Henri Kox);

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6155 iwwert d'Schafe vum ILNAS. D'Riedzäit ass hei nom Basismodell festgeluecht, an et huet bis elo kee Riedner sech ageschriwwen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

4. 6155 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 mai 2008 relative à la création d'un Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services

Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.**- Jo, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet geet et eigentlech drëm, fir eng sektoriell Ëmsetzung vun der europäescher Dénagschtleeschungsdirektiv virzehuelen. Dir wësst, dass d'Regierung do de Wee gaangen ass, fir op där enger Säit e Kadergesetz ze maachen, wat d'Ëmsetzung vun der Dénagschtleeschungsdirektiv ugeet - et ass och en Text, dee mer amgaange sinn an der Wirtschaftskommissioun ze diskutéieren -, a parallell dozou awer ass en interministeriellen Aarbechtsgrupp agesat ginn, fir déi eenzel sektoriell Gesetzestexte, Autorisatiounstexte haaptsächlech, duergzegoen, fir feststellen, wou mer an eenzelne Partikularstexte elo och mussen ëmbauen, verbessern, fir eis konform ze setzen zu de Grondprinzipien vun där europäescher Dénagschtleeschungsdirektiv.

Do dréit et sech haaptsächlech ëm eis ganz Léiglatioun iwwert den Droit d'établissement, wou d'Regierung, mengen ech, elo um Punkt ass, do och e Gesetzesprojet definitiv ze verabschieden. Mä awer och an anere klengere Texter ass festgestallt ginn, dass eng Noutwendegkeet besteet, fir do eppes un der bestehender Léiglatioun ze änneren, fir also do net dem Virwurf ausgesat ze ginn, dass een do onnéideg administrativ Barrière géif opbauen, fir kënnen gewëssen Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg virzehuelen, soufern se ënnert de Champ d'application vun der Dénagschtleeschungsdirektiv falen.

Hei ass esou e Beispill, wou also d'Regierung proposéiert, iwwert de Wee vun deem heite Gesetzesprojet, fir eng ganz Autorisatiounsprozedur, déi mer am Gesetz vun 2008 iwwert d'Kreatioun vum ILNAS stoen hunn, fir déi erëm do erauszehuelen.

Dat sinn Diskussiounen, déi mer nach als fréieren Energieminister eppes soen, well zu Lëtzebuerg effektiv, an ech weess - an den Avis vun der Chambre des Métiers ënnersträicht dat -, dass hei ëmmer drop gehale ginn ass, sengerzäit vun der Cegedel, mä och vun den Elektriker hei zu Lëtzebuerg, fir net jiddwerengem eigentlech ipso facto den Zougank zum öffentliche Stroumnetz zouzegestoen, och wann e voll Elektriker ass.

An deem Gesetz vun 2008 sinn am Fong al Bestëmmungen iwwerholl ginn, déi soen, dass ee muss eng speziell Genehmigung hunn, fir um öffentlichen Netz, elektreschen Netz also kënnen ze schaffen, sief dat Niddregspannung, Mëttelspannung oder Héichspannung. An alle Fäll muss een also gewësse Konditiounen erfëllen, an do ass ënner anerem eng speziell Formatioun virgesinn, ouni déi een net däréif eigentlech op deem Lëtzeburger öffentlichen Netz schaffen.

D'Regierung ass der Meinung, dass dat doten eigentlech eng Dispositioun ass, déi net méi konform ass zu den europäeschen Texten, well et keng zwéngend Grënn ginn, fir esou eng speziell Autorisatioun hei bäizebhalen, mat alle Prozeduren, déi dorunner hängen, dass dat net konform ass eigentlech mat der Libre prestation de services, sou wéi de Prinzip eigentlech misst och an deem dote Beräich sinn. Si schléit also vir, déi doten Artikelen 12 respektiv 32 aus dem Gesetz vun 2008 iwwert den ILNAS erauszehuelen, sou dass also keng speziell Autorisatiounsprozedur méi géif fir deem dote Fall gëllen.

Dat fënnt déi grouss Zoustëmmung vun der Chambre de Commerce, déi ganz begeeschtert ass; fënnt och grouss Zoustëmmung vum Conseil d'État, deem och voll hannert där doten Initiativ steet; fënnt awer déi voll Oppositioun, an deem Avis ass eréischt eigentlech relativ spët erakomm, vun der Chambre des Métiers. Wat ech eigentlech och net anescht erwaart hunn, well ech déi Positioun vun

alen Zäiten hier kennen. An déi seet, si géif sech also formellement opposéieren a mat Resolutioun eigentlech dergéint sinn, dass tikel 12 vum Gesetz kommen.

Da maache se awer, dat ass vläicht och interessant, e Verglach mat deem System, deem an all eisen Nopeschlänner ass. Do fält zwar eent op, dass keen de System huet, wéi mir en haut nach kennen. Dat muss een emol awer och soen, dat heescht, kee kennt deem dote System, dass een nach muss eng extra Formatioun maachen an deem Land, fir däréif eigentlech um öffentlichen Netz ze schaffen. Dat gëtt et net an Däitschland, dat gëtt et net a Frankräich, och net an der Belsch.

An Däitschland gëtt et esou eng Aart vun Test, mä et ass eigentlech net mat Formatiounen verbonden. Mä wat et an deenen anere Länner gëtt, an dat ass, mengen ech, eng Fro, déi ech wollt och un de Minister stellen, ob e sech kéint awer esou e System hei virstellen, wat et notament a Frankräich an an der Belsch gëtt, do däréif jiddwereen dru schaffen, mä gewëssen Installatiounen, déi Aarbechte mussen ofgehol ginn.

Do ass awer eng Kontroll, déi beseet, dass, wann een eigentlech u méi sensibelen, notament bei Wunnengen, Installatiounen schafft, dann iergendeng Form vu Kontrollméiglechkeet zumindest besteet, quitte dass dat vläicht nëmme dann ebe punktuell Vérificatiounen sinn, déi een da mécht. Well et ass kloer, wann natierlech gemurkst gëtt bei esou Installatiounen, kann dat natierlech och e Sécherheetsproblem duerstellen.

Duerfir wollt ech dem Minister d'Fro stellen, ob eventuell d'Regierung bereet wär, déi dote Fro och ze kucken, ob een net, ähnlech wéi dat dann an eisen Nopeschlänner de Fall ass, dann ex post eigentlech eng Kontrollméiglechkeet virgesäit, fir notament a gewëssene Beräicher dann awer kënnen ze kontrolléieren, ob déi Aarbechten do um öffentlichen Netz awer uerdentlech duerghefouert gi sinn.

Dat wär a mengen Aen - et ass elo eng perséinlech...; mir haten net vill Geleeënheet, dat an der Kommissioun ze diskutéieren - awer en nätzleche Complet, eigentlech zu där Simplification administrative, déi mer amgaang sinn hei virzehuelen, wou een awer kann der Meinung sinn, dass dat, wat hei zu Lëtzebuerg opgebaut ginn ass, vläicht och mat Protektionsgedanken ze dinn huet vum Marché an eigentlech net nëmme vläicht opgebaut ass op der Suerg, dass 100% sécher op den Installatiounen geschafft gëtt.

Nach, mengen ech, d'Kontroll ass eppes, wat awer och wichteg wär an deem heite Beräich, sou dass ech also am Numm vun der Kommissioun hei géif proposéieren, dass mer deem Text, wéi vun der Regierung proposéiert, hei géife stëmmen, mä wéi gesot och frou wäeren, wann awer d'Regierung géif vläicht déi Fro vun der Kontroll nach och e bësse méi am Detail kucken, well dat awer och kann nätzlech sinn.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Alex Bodry. Vu datt kee Riedner sech ageschriwwen huet, ginn ech direkt d'Wuert un den Här Wirtschaftsminister Jeannot Krecké.

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Merci, Här President. An dësem Fall muss ech soen, wann et heiansdo op prezis Detailer geet, da gesäit een, dass op eemol Leit net méi genau där Meinung sinn, wéi se nach vläicht fënnf Minutte virdrun erzielt hunn.

Ech hunn nach an den Oueren, dass d'Chambre des Métiers, d'Fédération des Artisans gesot huet, et misst alles, wat den Accès vu Barrière bestinn, ewech, nach viru kuerzem, wéi se hei virun der Chamber stoungen. Elo maache mer dat. Ech muss éierlech soen, dass ech net verstinn, wéisou dass eng Chambre professionnelle wéi d'Chambre des Métiers sech do där Saach kann opposéieren.

Wann dat säit Joren esou war, dass een domat konnt aner Leit vum Marché ewechhalen, oder zumindest hinnen et méi schwéier maachen, da muss et endlech an de Käpp kloer sinn, dass dat net

méi geet. An Dir wäert mierken, den Accès à la profession iwwert d'Gesetz vun '88 wäert eng Rei esou Froen opwerfen.

Ech mengen, mir hunn eng Loi-cadre gemaach, déi kloer an däitlech weist, dass mir wëlles hunn, déi Simplification administrative duerghezéien an och de Prinzipien vun der Direktiv Services Rechnung ze droen. Duerfir, mengen ech, ass et och richtig, dass mer hei virginn. Mir hu jo déi Loi-cadre, op déi schonn an der Kommissioun geschafft ginn ass, déi e generelle Kader also duerstellt. Mä mir wäerten e puer Gesetzter kréien, wou mer sektoriell, nodeem dass mer e Screening, wéi dat genannt gëtt, gemaach hunn, gesinn, dass Saache mussen ëmgeännert ginn. An hei ass ee vun deene Fäll, dee sech och ermëfent beim ILNAS, wat u sech net grad déi richtig Plaz, och menger Meinung no, ass. Den ILNAS ass haut net méi zoustänneg fir esou Saachen. Ech mengen, do kéint een aner Leit domat beoptragen.

Ech verschléisse mech och net, Här Bodry, ze kucken, ob een herno eng sënnavoll Approche kéint hunn, fir eventuell eng Kontroll ex post ze maachen. Dat eleng schonn, well ech prinzipiell a villen Accès à la profession an dorivwer eraus un d'Autorisatiounen éischer wéilt eng Notifikatioun ginn: Wann ech eng Bäckerei wëll opmaachen, géif ech et méi normal fannen, wa mer géifen eng Demande maachen an notifiéieren a soen, ech wëll eng Bäckerei do an do opmaachen. Da schécke mer där Persoun d'Konditiounen, déi een zu Lëtzebuerg muss erfëllen, fir esou eng Bäckerei ze bauen, dass se all Regele geschéckt kritt, an dass dann ex post gekuckt gëtt, ier déi Bäckerei opgeet, ob dat dann och esou geet.

Duerfir, wann ee Verfechter vun esou enger Notifikationsstrategie ass, dann ass et evident, dass ech och hei mech domadder kéint ufrënnen. Ech géif just Folgenden soen: Ech mengen, kommt, mir kucken, a wat fir engem Métier mer nach esou eppes hunn, well ech hunn dat elo net präsent; an zweetens, kommt, mir kucken emol, wéi déi Däitsch, déi dat do hunn, dann elo dat ëmsetzen. Ob se dat elo ganz eraushuelen oder ob se dat draloossen. Do kann ee sech vläicht utilement inspiréieren.

Hei si mer dann och net ënner Drock, well mer dann hei kloer an däitlech kënnen soen, dass mer an deem dote Punkt d'Direktiv Services ëmgasat hunn, déi, wéi ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, am Fong geholl den 31. Dezember d'lescht Joer hätt missen ëmgasat sinn, a wou d'Kommissioun dës à présent niewent eis nach, mengen ech, 13 anerer elo ugeschriwwen huet, dass mer missten eis tommelen.

An ech hoffen, dass mer dann och déi sektoriell Gesetzter, déi an Zukunft nach wäerte behandelt gi vun lech, mat Zäite kënnen duergkréien, well et ass vill Aarbecht. Ech muss dat virausschécken, och d'Gesetz vun '88, wat an der Classes-moyennes-Kommissioun muss gekuckt ginn, ass vill Aarbecht. An duerfir mäi Wonsch, dass mer do awer probéieren, och wa mer elo schonn iwwert den Délai ewech sinn, awer trotzdeem esou no wéi méiglech um Délai ze bleiwen, well soss, mengen ech, rabbelt et.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Krecké. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Do ass et allerdéngs och erëm eng Kéier esou, datt nach eng Erreur matérielle erëm am Text ass; an zwar ass et den Artikel 12 an den Artikel 32 vum modifizéierte Gesetz vum 20. Mee 2008. Do muss mer also de Modifié derbäisetzen, dee gefeelt huet.

Mir stëmmen also elo iwwert den ofgeännerten Text of a wäerten dem Conseil d'État och dës Ännerung schrëftlech matdeelen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.



De Projet de loi 6155 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par Mme Christine Doerner), Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Mill Majerus), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydie Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Als nächste Punkt vun eisem Ordre du jour hu mer d'Question avec débat N°13 vum Här Ali Kaes iwwert d'Dikrecher Brauerei. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virzedroen. Der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

5. Question avec débat N°13 de M. Ali Kaes sur l'avenir de la Brasserie de Diekirch

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, wann Der erlaabt, just iwwert d'Prozedur.

Ech wollt lech froen, mir haten nämlech an der Conférence des Présidents jo zréckgehal, dass mer net méi géife Froen akzeptéieren, déi iwwer Privatbetriber ginn. Ech hu Kolleegen an der Fraktioun, déi mer gesot hunn: „Mir krute verschidde Froen net erlaabt iwwer Privatbetriber“, an um Ordre du jour steet haut eng Fro iwwer e private Betrib.

Ech wollt just froen, wat dann elo d'Positioun wär, ob ech menge Kolleegen an der Fraktioun ka soen, dass se dann hir Froen dierfe stellen, oder net, oder firwat dann haut des Fro erlaabt ass.

► **M. le Président.**- Jo, mir hunn effektiv an der Presidentekonferenz decidéiert gehat, keng Froen iwwer Privatbetriber. Elo muss een allerdéngs soen...

► **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

► **M. le Président.**- Mä ech mengen, d'Conférence des Présidents huet à l'unanimité decidéiert, fir déi Question avec débat hei op den Ordre du jour ze huelen. Ech mengen, mir waren eis alleguerten eens, fir dat ze maachen. An ech géif och soen, hei geet et awer e bësselche méi wäit wéi just eng Fro iwwer e Privatbetrib. Dofir géif ech elo emol den Här Kaes bieten, seng Fro ze stellen.

(Interruption)

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, wéi gesot, ech mengen, mir haten an der Conférence des Présidents, an ech wor och do, wéi den Ordre du jour festgehale ginn ass. Mä ech muss lech just soen, dass meng Kolleegen an der Fraktioun

einfach gesot hunn: „Jo, beim Här Kaes geet et a bei eis geet et net.“

Dowéinst, dass ee sech eng Linn soll huelen, also, wéi gesot, et ass net opportun. An ech hoffen, dass an Zukunft net nëmmen, dass an Zukunft...

(Interruptions)

...dass mer an Zukunft, Här President, wierklech évitéieren, esou Froen ze hunn.

Et huet kee Wäert. Wësst Der, Här Gibéryen, Dir souzt selwer an der Conférence des Présidents.

(Interruption)

Et ass eng Majoritéit, déi den Ordre du jour festleet, an et ass net d'Opposition, déi hei gouvernéiert.

(Interruption)

► **M. le Président.**- Bon, wann ech gelift elo den Här Minister zu der Prozedur.

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Just meng Meenung vläicht; och wann Der se net gefrot hutt, ginn ech lech se awer.

(Hilarité)

Ech sinn och der Meenung, wann hei sollt iwwer Betriber geschwat ginn, dass mer dat am Kader vun der Kommissioun géife loossen an dann och do, jee nodeem wéi de Sujet ass, géif ech och do froen, sou wéi ech dat...

(Brouhaha)

...sou wéi ech dat schonn e puermol gemaach hunn, wann et da ganz kriddlech gëtt, souguer de Secret des délibérations froen; eng Possibilitéit, déi et jo gëtt. Ech mengen, dat wier besser, well hei woen ech mech och net ëmmer alles op den Dësch ze leeën, well soss ginn ech bei de Betriber näischt méi gewuer.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Also, ech wëll lech elo just soen, mir hunn elo eng länger Diskussioun driwwer gehat. Hei huet awer d'Conférence des Présidents à l'unanimité decidéiert,...

► **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

► **Une voix.**- Mat der Stëmm vum Här Bettel!

(Interruptions diverses)

► **M. le Président.**- ...fir dem Här Kaes seng Fro op den Ordre du jour ze stellen a mir ginn dat och elo net méi änneren. Elo kritt den Här Kaes also d'Wuert, fir seng Fro ze stellen. Här Kaes, fuert lass!

► **Une voix.**- Här President, mir kënnen awer eis Meenung och nach eng Kéier revidéieren!

(Interruptions et hilarité)

► **Une autre voix.**- Mir si gespaant op den Här Kaes!

(Interruptions)

► **M. Ali Kaes (CSV).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi de 7. Januar 2010 d'Annonce duerchgesickert ass, dass zu Dikrech kee Béier méi sollt gebraut ginn, war d'Feierstëmmung an der Sauerstad zum 750. Gebuertsdag um Buedem a fir vill Béierfrënn uechtert d'Land ass eng Welt zesummegebrach. Nieft dem Verloscht vun deem séffege Béier wieren och eng 63 Leit betraff,...

(Hilarité)

...déi duerch des Schléissung hir Aarbecht sollte verléieren.

Dës Noricht huet ageschloe wéi eng Bomm, an och d'Politik war an Oprou an huet zimlech séier duerch d'Stëmmen vum Aarbechtsminister an och vum Wirtschaftsminister annoncéiert, dass se sech géife mat alle Mëttelen derfir asetzen, dass den Dikrecher Béier och an Zukunft géif zu Dikrech gebraut ginn, an dass esou mann wéi méiglech Leit géifen hir Aarbechtsplaze verléieren.

D'Solidaritéit an der Bevëlkerung war ebenfals ganz grouss an eng spontan Manifestatioun vum 11. Januar huet och e ganz groussen Erfolleg an eng ganz grouss Participatioun kannt.

De Wanter ass dunn an d'Land gezunn an et ass zimlech roueg ëm den Dossier ginn, an de 17. Mäerz koum dann awer dunn

d'Noricht, dass zu Dikrech d'Luuchten awer net géifen ausgoen. En neie Plang gouf presentéiert, wou de Verkaf vun der Brauerei virgesi war mat engem „lease-back“, wat mat sech bruecht hätt, dass de Béier weider zu Dikrech hätt kënnen gebraut ginn. Mat deem Plang hätte kënnen eng 47 Salariée weider beschäftegt ginn.

Den 21. Mee gouf du matgedeelt, dass d'Brasserie de Luxembourg Mousel Dikrech e Kader-Kontrakt mat engem Grupp vu privaten Investisseuren ënnerschriwwen huet iwwert de Verkaf vun den Terrainen an de Gebailechkeeten a mam Engagement, dass d'Produktioun vum Béier zu Dikrech géif bestoe bleiwen.

Ech verstoppen net, dass ech deemools scho ganz, ganz skeptesch wor, ob mat dëser Mesure d'Aarbechtsplaze géifen erhale bleiwe respektiv virun allem laangfristeg zu Dikrech erhale bleiwen oder net. Ech hat an deem Kontext och eng parlamentaresch Fro un eise Wirtschaftsminister gestallt.

Den 1. Juli ass dunn erëm en neie Moment am Dossier komm. Obwuel de Kontrakt mat den Investisseure ficeliert konnt ginn, koum d'Nouvelle, dass en neie Site géif gesicht ginn, fir eng nei, méi eng kleng Brauerei ze bauen. Dës Brauerei géif awer nëmmen da gebaut ginn, wa wierklech bewise wier, dass se rentabel wier.

Här President, erlaabt mer dat hei ze soen: Ech ginn d'Gefill net lass an ech bedauern zudéifst, dass hei an deem Dossier net mat oppene Kaarte gespillt gëtt.

(Interruptions)

Hei gëtt um Bockel vun de Beschäftegte Politik bedriwwen.

Et schielt sech ëmmer méi eraus, dass et sech bei deem Dossier vun der Dikrecher Brauerei just ëm eng reng Transaktioun handelt, ëm eng Valorisation vun Terrainen a Gebailechkeeten, op d'Käschten, jo, op d'Käschte vun de Beschäftegten, well si wësse bis haut nach net richtig, wéi et dann elo schlussendlech mat hinne weidergeet. Et schéngt, mä et kann ee jo kengem eppes ënnerstellen, als wier d'Erhale vun enger industrieller Aktivitéit um Site Dikrech ni d'Zil vun de Promoteure gewiescht. Primär ass et hinnen, a mengen Aen, ganz kloer nëmmen drëm gaang, eng Profitmaximierung ze errechen.

Duerfir, Här Minister, wollt ech lech folgend Froe stellen: Wéi gesinn dann elo wierklech d'Garantië fir d'Aarbechtsplazen aus? Wéi vill Leit kënnen gehale ginn, jo virun allem laangfristeg gehale ginn? Well et muss ee wëssen, dass fir déi nei, oder déi jëtzeg Quantitéiten, déi virgesi si fir Béier ze brauen, a sech eng Dose Leit just gebraucht ginn. De Moment schaffen der awer nach 95 an deem Betrib.

Wéi ass et da mat den Terrainen? War vun Ufank u geplangt, de Site ze verkafe respektiv ëmzeklasséiere fir aner Aktivitéiten?

Wéi ass et mat deem neien Terrain? Wou soll déi nei Brauerei hikommen? A wéi gëtt dann elo schlussendlech festgeluecht, ob déi Brauerei da rentabel ass oder net?

Här Minister, ech wier frou, wann Der ons virun allem, awer och alle Beschäftegte vun der Dikrecher Brauerei kéint Opklärung ginn, wéi et dann elo wierklech an definitiv weidergeet, an ech hoffen, dass mer dann endlech Kloerheet an deem Dossier hunn.

Ech soen lech villmools Merci fir d'No-lauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kaes. Elo kritt d'Wuert den Här Wirtschaftsminister Jeannot Krecké.

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass u sech richtig, wéi den Ali Kaes mech zitéiert huet. Wéi dat geschitt ass, hu mer gesot. Mir wäerten alles maachen, fir dass weiderhin do Aarbechtsplazen - well dat war deen éischte Punkt - géifen emol bestoe bleiwen. An den zweete Punkt ass deen, dass weiderhin och do Béier gebraut gëtt. Well dat eent ass jo och eng Virussetzung fir dat anert.

Ech wëll awer soen, wat déi genau Aufgab vum Stat ass, esou wéi e se hei an deem

Fall duerchgezunn huet a wéi ech och mengen, dass se prinzipiell wier. De Stat huet an deem Dossier intervenéiert iwwert d'Regierung, dat ass richtig, an dat maache mer och oft esou. Mir hunn intervenéiert. D'Fro ass just, wou hu mer intervenéiert a wéini? Well hei si vill Acteuren op eemol opgetrueden. Et war de Wirtschaftsministère mam Aarbechtsministère, d'SNCI, d'Gemeng Dikrech an natierlech och net ze vergiessen AB InBev, déi jo och als Partenaire hei gesi gëtt.

Eis éischt Aktioun war, an duerfir hu mer Kontakt mat de Responsabele vun AB InBev geholl, fir hinne kloerzemaachen, dass mir, wann da Problemer wieren, bereet wieren, nach eng Kéier doriwwer ze schwätzen, an dass mir gär hätten, dass si nach eng Kéier géifen déi Décisioun, déi se als Décisioun ugekënnegt hunn, réckgägeg maachen. Dat ass dat, wat mir haaptsächlech gemaach hunn. Mir si souguer bis op Bréssel gaangen, hunn do mat de Leit verhandelt iwwert d'Méiglechkeet, fir déi Brauerei ze halen. Dat ass richtig, dat huet d'Regierung gemaach.

Mir kruten doropshin, an dat ass dann déi zweet Aufgab, déi mer wouergeholl hunn, eng Rëtsch Froen, déi scheinbar an den Administratiounen gestallt gi sinn, awer net ëmmer beäntwert gi sinn, oder net esou beäntwert gi sinn, dass et Kloerheet geschaf huet. Mir hunn du selwer dee Rôle als Coordinateur iwwerholl. Leit vu mir hu wierklech de Facilitateur gespillt doduerch, dass se déi Froen, déi vun AB InBev komm sinn, weidergeleet hunn a probéiert hunn, d'Äntwerten ze kréien, déi se scheinbar virdrun net kritt hunn.

Dat sinn eng ganz Rei Froen iwwert d'Tarifer vum Waasser, vum Ofwaasser, iwwert d'Accisen, d'Importkonditiounen vu verschiddene Béierzorten. Jee, et war eng Ribambelle vu Froen, wou scheinbar net déi richtig Äntwerte komm sinn. Mir hu vill Stonnen drop verbruecht. An ech muss lech soen, dat, wat mer färdig bruecht hunn, dat ass déi Atmosphär ze schafen, déi et emol erëm méiglech gemaach huet, dass d'Firma emol erëm driwwer nogeduecht huet, fir eventuell awer - ënner verschiddene Konditiounen - weiderzufueren.

Ech wëll awer virausschécken, wat duerno geschitt ass, do war ni ee vu menge Leit derbäi, an ech selwer och net. Tëschent „Saphir Capital Partners“ an AB InBev si vill Négociatiounen gewiescht. Do war ni ee vun eis derbäi, do war ni een associéiert. Dat ass och net eise Rôle. Eise Rôle ass net, an déi privat Ofmaachungen do mat eranzespillen. Eise Rôle ass, Saachen ze facilitéieren. Eise Rôle ass, emol erëm eppes méiglech ze maachen, wat anscheinend net méiglech war, nämlech, dass weiderhi géif Béier do gebraut ginn. Dat hu mir gemaach. Mä eise Rôle ass net, d'Négociatiounen ënnert de Partner selwer matzemaachen. Dat hu mir net gemaach.

D'Finanzéierung vun den Investissementer, do hätt d'SNCI och kënnen intervenéieren. D'SNCI huet dësen Dossier „Saphir“ behandelt wéi jiddwer aner Demande, déi erakënn. Et brauch an deem Fall eben eng kloer industriell Ausrichtung vun der Demande, fir dass deen Dossier esou kann instruéiert ginn. An duerfir verwieren ech mer all déi Titelen, déi do komm sinn: „D'Brauerei - e rise Bluff“, „Ass dat de Lëtzeburger Modell?“ Wat e Quatsch!

Ouni d'Interventioun vun der Regierung wieren déi Leit haut op der Strooss. Dat ass esou einfach wéi bonjour. Déi wieren op der Strooss. An déi Négociatiounen, déi duerno komm sinn, an dat Resultat, wat komm ass, dat ass jo och nach op der Zäitachs net ofgeschloss. Et ass jo net, dass eng Décisioun geholl ginn ass, wou elo dann eng nei Brauerei kënn, wéi vill dat ass an esou weider. Dat muss sech jo emol erausstellen. Do muss jo d'Gemeng och nach eng wesentlech Contributioun leeschten.

Wann ech nach eng Kéier op d'SNCI zréckkommen: Ofgesi vun enger Analys vun der Situatioun ass bis elo op der Sait vun der SNCI absolut keng Décisioun geholl. Fir dass d'SNCI kann eng Décisioun huelen, ass et evident, dass kloer en industrielle Projet muss hannendru sinn. Mir intervenéieren als SNCI - ech soen „mir“, well mir sinn zu zwee Ministeren u sech zoustänneg fir d'SNCI -, mir intervenéiere bei Finanzéierungen, wa mer Investissementer ge-